DE LETZEBURGER SPORTFESCHER

ORGAN VUM LETZEBURGER SPORTFESCHERVERBAND

Extra-Nummer | Juni 1955 | 14. Joergank

O'ni Wâsser ké Feschereisport!

De Letzeburger Sportfescher

Extra-Nummer Organ vum Letzeburger Sportfescherverband *14. Joergank*

Verlag: Letzeburger Sportfescherverband
Redaktio'n: rue du Cimetière, 101, Letzeburg
Expeditio'n: Oetrange-Gare

Postscheck: Letzeburg 9501
Drock: P. Jungers-Barbel, Re'mech
Abonnement fir Netmember: 60 fr. d'Joer

E SONNDEG

DEN 3. JULI 1955

ASS

ZU IECHTERNACH

D'GRÖNDONG VUM

Letzeburger

Gewässerschutz-

Verband

APPELL

un all ons Sportfrönn

vum Letzeburger Sportfëscherverband

E SONNDEG, den 3. Juli 1955, aß zu Iechternach d'Gröndong vum Letzeburger Gewässerschutzverband. Déselwechte Sonndeg get do och d'

Pe'teschfeier

ofgehalen. D'Pe'teschfeier stét det Joer önnert dem Motto:

Schutz onsen Hémechtswâsseren

Den 3. Juli aß den «Dâg vum Wâßer». Et aß den Dâg, wo' den «Institut Grand-Ducal», d'Fauna, de Vogelschutzverband, d'Schwömmer, d'Jéer an d'Fescher sech op der Pe'teschfeier treffen, fir zesummen de

Letzeburger Gewässerschutzverband

an d'Liewen ze ruffen.

Den 3. Juli aß also den Dâg, wo' verschidde gro'ß Verbänn a Gesellschaften de Grondstén zu dèr Organisatio'n léen, de' sech d'Ziel gesat huet, d'Hémechtswâßeren virun der Vernichtong durch Verschmotzong ze retten.

Wat dat fir ons Fescher bedeit? D'Rettong vun onse Gewässer aß d'Rettong vun onsem sche'nen an noblen Sport!

Verschmotzt Wâßer aß do'degt Wâßer. Do'degt Wâßer we' d'Uelzecht, do'degt Wâßer we' d'Pe'trus, we' d'Didelenger Bâch, we' d'Hesperbâch, we' d'Chiers, we' dèr nach, do aß och de Feschereisport do'd.

Solle mer nun nokucken, o'ni eng Hand ze re'eren, wann de' aner nach relatif gesond Feschwâßeren, de' ons bleiwen, lues mè sécher zugrond gerîcht gin?

L'EAU,

Miroir de la Santé

Solle mer nokucken, o'ni ons ze wieren, wann drei gre'ßer Uertschaften envisage'eren, hiren Egout bis an d'Mött vum Wâßerlaf ze léen, o'ni daß se drun denken, d'Ofwässer ze klären?

Solle mer d'permanent Verschmotzong vun der Musel, o'ni dergengt ze proteste'eren, einfach eso' hinhuelen?

Solle mer schlîßlech iwerhapt o'ni Widersproch tolere'eren, daß Duerfa Stâdtkanalisatio'nen o'ni zweckentspriechend Kläranlagen gebaut gin?

Wa mer dat me'chen, da wäre mer matschölleg um Önnergank vun onsem sche'nen a gesonde Feschereisport, um Önnergank, dén onvermeidlech aß, wa mir Fescher ons net dergengt wieren.

D'schiedlech Verschmotzongen vun onsen Hémechtswâßeren sin haut eso' héfeg, daß de Kampf dergengt nömme me' an engem gre'ßere Maßstab me'glech aß. Dat aß de Grond, firwat de Sportfescherverband sech mat anere Verbänn, de' genau eso' we' d'Fescher u proppere Wâßeren interesse'ert sin, zesummegedoen huet, fir e gro'ßen a stârke Gewässerschutzverband ze grönnen.

D'Gröndong dervun geschitt, we' gesot, op der Pe'teschfeier zu Iechternach, den 3. Juli.

Mir appele'eren haut un all federe'erte Fescherverein, ob en aus dem Gutland oder aus dem Bassin Minier, ob en aus dem E'sléck oder vu Musel a Sauer aß, datt en un döser Gröndong mat engem Maximum vun senge Membren délhöllt. D'Regirong, d'Ministren, d'Depute'ert a sämtlech Verwaltongen, de' op îrgend eng Mane'er fir d'Wâßeren zo'stänneg sin, mussen op döser Manifestatio'n erkennen, daß et de Fescher ganz, ganz îrscht gemengt aß, mat hire Fuerderongen fir d'Propperhalen vun de Feschwâßeren.

Durfir appele'ere mir och u jidfer énzelne federe'erte Fescher, un all ons Sportfrönn vum Letzeburger Sportfescherverband bei döser Manifestatio'n net ze félen.

Et könnt nämlech op jidfer Enzelnen un. D'Fescher all musse geschlossen hannert dem Zentralcomitee stoen. Si mussen no baußen documente'eren, daß de Gewässerschutzverband op den honnertprozentegen Appui vun der Fescher ziele kann.

Dat sin d'Wâßeren ons wert. Denkt dodrun, well o'ni gesond Wâsseren aß de Feschereisport ondenkbar! a.

Fir den Zentralcomitee:

De Generalsekretär: Marcel Kraemer.

De President: Paul Elvinger.

HÄTTEN WIR

DAS WASSER

NICHT,

SO HÄTTEN WIR

KEIN

LEBEN!

PROGRAMM

✲

7.15 Auer: EMPFANK vun de Vereiner am Haff vun der Abtei

7.30 Auer: PE'TESCHMASS

9.30 bis
11.00 Auer: PREISFESCHEN

*

14.00 Auer: Formation' vum CORTEGE op der Promenade vun der Sauer. Uschle'ßend gro'ßen DEFILEE durch d'Stâdt Iechternach. All Verein dre't eng Pankarte

*

15.00 Auer: GRÖNDONG VUM GEWÄSSERSCHUTZVERBAND am Festsall vun der Abtei önnert dem Virsötz vum Verbandspresident P. Elvinger

Et schwätzen:

Paul Elvinger, Prof. Jos Hoffmann a Marcel Kraemer fir de Letzeburger Sportfescherverband;

Prof. Leopold Reichling a Josy Barthel fir den «Institut Grand-Ducal»;

Prof. Marcel Heuertz fir d'«Société des Naturalistes Luxembourgeois» (Fauna);

Henri Rinnen fir d'«Ligue luxembourgeoise pour l'étude et la protection des oiseaux»;

Léon Hengen fir d'«Fédération Luxembourgeoise de Natation et de Sauvetage».

*

16.45 Auer: ENTHÜLLONG VUM NEIE FUENDEL vum «Cercle des Pêcheurs, Den Albes, Echternach»

17.00 Auer: PREISVERDELONG

17.30 Auer: RECEPTIO'N vun den Delege'erten an de Gäscht durch d'Stâdtverwaltong am Denzelt

3. JULI 1955

Tag

des Wassers

✲

GESUNDES WASSER

GESUNDES LEBEN!